# Nationale Commemoratiounsdag

# an der

# Aler Gemeng Eech

6. Oktober 2013

## Nationale Commemoratiounsdag an der Aler Gemeng Eech

Um Nationale Commemoratiounsdag gëtt allgemeng den Affer vum Zweete Weltkrich geduecht. An der Aler Gemeng Eech ass et d'Entente des Sociétés de l'Ancienne Commune d'Eich, déi sech traditionell ëm d'Organisatioun vun de Feierlechkeete vum Nationale Commemoratiounsdag këmmert. Mir wollte bei Geleeënheet vun de Festivitéite vun dësem Joër méi speziell op d'Schicksal vun zwou Weimeschkiercher Familljen agoen an deem mir zwee Zäitzeien erziele loossen wéi et hire Familljen am Krich ergoung. Wéi den Zoufall sou wëllt hunn déi zwou Familljen am Krich um Riedchen (Sankt Vith Strooss) gewunnt, woren do Noper an hier Leidensgeschichte weisen eng ganz Rei Gemeinsamkeeten op.

### D'Famill Michel Birden-Frisch



*D'Madame Triny Marson-Birden.*

Ënnerhalen hu mir ons mat der Madame Triny Marson-Birden. D'Madame Marson ass den 20. Oktober 1921 gebuer a wunnt haut am Ale Fonds Saint Martin zu Weimeschkierch. Si ass d'Duechter vum Michel Birden dee bestuet wor mam Marie Frisch. D'Madame Triny Marson hat zwou Schwësteren, d'Margréit an d'Annie, an dräi Bridder, den Nicolas, de Michel an den Théophile. Vun deenen dräi Bridder wor deen Eelsten, den Théophile zwangsrekrutéiert ginn. Gewunnt huet d'Familljen 28, rue St. Vith, niewent dem Weimeschkiercher Futtballterrain, um Riedchen.

No engem Openthalt zu Lëtzebuerg, huet den Théophile decidéiert net méi zréck an d'Wehrmacht ze goen. Vun deem Moment un wor hien "fahnenflüchteg" (Deserteur). Verstoppt huet hie sech doheem um Schapp am Stréi. Fir de Fall wou hien sech hätt misse verteidegen hat hien e Gewier derbäi. Niewent him huet sech och alt de Mathias Boussong opgehal.



*Den Théophile Birden gouf zu Sonnenburg den 30. Januar 1945 am Alter vun 21 Joer erschoss.*

No enger Kontroll vun der Gestapo, bei där hien ower net erwëscht gouf, huet den Théophile sech bei enger Tatta a Clausen, verstoppt. Hei ass hien ower denoncéiert ginn. « Op eng Kéier stoung d'Gestapo mat de Gewierer do » sou d'Madame Triny Marson. «Hire Brudder wollt nach an d'Uelzecht sprangen. Dat ass him ower net mei gelongen ». Hien ass vun der Gestapo festgeholl ginn a koum op Wittlech an de Prisong. Hei ass hien zum Doud condamnéiert ginn. D'Doudesstrof ass ower net exekutéiert ginn. Den Théophile Birden koum an d'KZ Sonnenburg (Słońsk op Polnesch) wou hien den 30. Januar 1945, e puer Deeg ier d'Rout Arméi a Sonnebuerg ageréckt ass, erschoss gouf. Dëse Crime un der Mënschlechkeet, bei deem am ganzen 91 Lëtzebuerger hiert d'Liewen gelooss hunn, ass ënnert dem Numm Massaker vu Słońsk an d'Geschicht agaang.

Wëll ëmmer méi Lëtzebuerger desertéiert hunn, hat de Gauleiter Simon decidéiert, vun 1943 unn, och d'Familljе vun den Deserteuren ëmzesiedelen. Sou ass et dann och der Famill Birden ergaang. Nodeems den Théophile a Clausen festgeholl gouf, gouf d'Familljen ëmgesiedelt. Si koum an ee Lager op Trepnitz a Schlesien. Dokumentéiert ass dëst am *Le Livre d'Or de la Résistance luxemboureoise de 1940 – 1945, op der Säit 389.* Mat engem Convoi vum 2. März 1944 koumen de Michel, d'Marie an d'Elise (Triny) Birden an een Deportatiounslager zu Trepznitz a Schlesien. (Seit 1945 gehéiert Trepnitz zu Polen).

Zu Trebnitz huet d'Madame Marson am Lager geschafft. Si wor ower och am Aussendéngscht. Am Lager huet si d'Hausaarbecht gemaach. Moies huet si missen d'Schmieren an de Kaffi maachen. Nom Kaffi ass gebotzt a gekacht  ginn. Mëttes ass och gebotzt ginn an ower och d'Iesse fir den Owend preparéiert ginn. Fir hier Aarbecht huet si eng Mark d'Woch verdéngt, dovunner krut si allerdéngs 50 Pfenneg ofgehal fir de Kascht an d'Logéieren.

Wa si am Aussendéngscht war ass si op Sakrau schaffe gaang. Zu Sakrau huet si bei der Familljen Trapp am Stot gehollef. Den Zuch huet si moies um 7 Auer geholl an um 6 Auer owes war si nees zréck am Lager. D'Famill Trapp hat véier Kanner an de Mann huet op der Schmelz geschafft. D'Madame Marson huet an der Kiche gehollef, dem Mann d'Iessen op d'Aarbecht gedroen an ower och d'Kanner an d'Schoul begleet. D'Familljen Trapp huet hir och mol eppes ginn fir hier Aarbecht. Dat konnt si dann halen.  « Dat ware gutt Leit wou ech war » erënnert sech d'Madame Marson.

Nodeems Trebnitz vun der russescher Arméi befreit gouf, goung et zréck op Lëtzebuerg. Hei koumen si de 25. Mee 1945 mam Zuch un. « A vun der Gare aus ass et du mol d'éischt an d'Stad bei de Meta Bram gaangen. Do goufe mir nei agekleet. Et gouf eng Box an ee Paltong fir de Papp, an e Rack an eng Jaquette fir d'Mamm » sot d'Madame Marson. Um Piquet an der Schoul um Aldringen, gouf et een Empfang mat Kaffi a Kuch ier et dunn definitiv heem gaang ass. Gefeelt an der Famill huet hire Brudder Théophile.



**D'Famill Simon Boussong-Disseldorf**



*D'Schicksal vu senger Famill huet ons den Här André Boussong erzielt.*

D'Famill Boussong huet zu Weimeschkierch, 24 rue Sankt Vith, niewent dem Fussballterrain gewunnt (um Riedchen). De Simon Boussong, gebuer am Stadgronn den 21 Januar 1900, wor bestued mam Angèle Disseldorf. Sie hate 7 Jongen: de Mathias, de Jean, de Guillaume, den Henri, de Nicolas, de Joseph an den André deen haut nach zu Weimeschkierch lieft a mat deem mir ons ënnerhalen hunn.

De Mathias Boussong wor 1920 gebuer. Hien hätt also missen an d'däitsch Arméi goen wat hie refuséiert huet. Och hie wor, sou wéi den Théophile Birden, fahnenflüchtig. Als Deserteur huet hie sech vu lo u misse verstoppen. Dagsiwwer huet en dat an de Felder souwéi an de Bëscher op Dräi Eechelen oder an der Schoettermarjal gemaach, nuets ass en dann heem schlofe gaang.

Säi Brudder Nicolas hätt missen an d'Hitlerjugend. Hien huet dat refuséiert an huet sech doropshin och misse verstoppen.

Mir schreiwen deen 1. Dezember 1943. Et wor moies géint halwer zéng. Den Nicolas an de Mathias Boussong woren nach doheem. Sie woren denoncéiert ginn. D'Gestapo huet eng Kontroll gemaach. Zu véier Mann koumen se. Dräi hunn sech virun d'Haus positionéiert, dee véierten ass an d'Haus era gaang. Den Nicolas Boussong war an der Kichen bei senger Mamm. Hie war am gaang eng Schmier z'iessen an ass bei der Mamm zou um Kichendësch erschoss ginn. De Mathias ass aus der Fënster an de Gaart gesprongen an do an d'Bee geschoss ginn an du festgeholl ginn.





*Den Här André Boussong mat senger Duechter virum Elterenhaus dat deemnächst enger Résidence wäiche muss.*

Zu Weimeschkierch an der Primärschoul wor just Paus wéi dës Grujelzechkeete passéiert sinn. Den André Boussong huet ëmmer vun der Paus profitéiert fir eng Schmier heem sichen ze goen. Dat huet hien och den 1. Dezember 1943 gemaach. Wéi hien doheem ukomm ass huet en nach just gesinn, wéi deejéinegen deen den Nicolas erschoss hat, den Nicolas mat de Been Trap erof gezunn, an den Auto gelueden huet an d'Gestapo du fortgefuer ass. Wou den Nicolas Boussong begruewen ass weess d'Famill haut nach net, « wëll soss, sou den André Boussong, hätte mir hie laang heemgeholl. » De Mathias Boussong koum an d'KZ Sonnenburg wou hien, grad wéi den Théophile Birden, den 30. Januar 1945 am Alter vu 24 Joer erschoss gouf.



*Den Nicolas Boussong gouf zu Weimeschkierch den 1.Dezember 1943 am Alter vu 16 Joer erschoss.*



*De Mathias Boussong gouf zu Sonnenburg den 30. Januar 1945 am Alter vu 24 Joer erschoss.*

Der Familjen Boussong ass et net aneschters ergaange wéi der Familljen Birden. Si sinn ëmgesiidelt ginn. Och d'Famill Boussong wor beim Convoi vum 2. März 1944 op Trebnize derbäi. Den André Boussong hat deemools 11 Joer. Am August 1944 koum den André Boussong da mat engem Deel vu senger Famill op Wartha wou een anert Lager wor. A wat fir ee Lager deen aneren Deel vun der Famillje koum, kann den Här Boussong sech haut net méi erënneren.

Ënnerbruecht wore si an engem Klouschter wou d'SS sech Meeschter gemaach hat an et an ee Lager fir politesch Gefaangener ëmfonctionnéiert hat. D'Soen am Lager hat den SS Hauptführer Arthur Groner deen a senger Fonctioun vun zwou SS Schwëstere vum däitsche Roude Kräiz ënnerstëtzt gouf. Déi Dräi wore vun de Lëtzebuerger gefaart. « Ce trio maléfique menaçait et maltraitait continuellement les déportés luxembourgeois » (Säit 369 am le Livre d'Or de la Résistance Luxembourgeoise). Psychoterror an Endoktrinatioun stoungen um Ordre du jour. Sou huet de Groner seng Rieden normalerweis opgehal an deem e gesot huet datt « les Luxembourgeois en Silésie ne reverraient plus jamais leur patrie, qu'à cela il avait été pourvu » (Säit 370 am Livre d'Or de la Résistance Luxembourgeoise ).



.

Geschafft huet ee groussen Deel vun de Lëtzebuerger als Aarbechter an enger Cellulosefabrik zu Frankenberg. Anerer hunn a Privaten Haushälter, an engem Lazarett oder an Handwierksbetriber geschafft. Néng Lëtzebuerger si während der Zäit vun der Ëmsiedlung zu Wartha gestuerwen. D'Lager vu Wartha ass den 8. Mee 1945 vu russeschen Truppe befreit ginn. Un dëse Moment erënnert sech den André Boussong nach wéi wann et gëscht gewiescht wier. « Wéi mäi Papp déi éischt russesch Truppe gesinn huet, du huet hie séier eng wäiss Fatz geholl an déi zur Fënster eraus gehal fir ze weisen si géifen sech erginn ». Definitiv fräi sinn se allerdéngs réischt komm well ee Lëtzebuerger engem Russesche Militär dee Franséisch geschwat huet, gesot huet mir, also d'Lëtzebuerger, wiere Fransousen. Et huet dunn ower nach eng Zäit gedauert bis et heem gaang ass. Ier et op den Heemwee gaang ass, hunn d'Lëtzebuerger gehollef déi gesprengte Brécken ze fläcken. Duerno ass et dann ze Fouss iwwert eng d'Strooss Richtung Oppeln gaang.



*De Simon Boussong ass  zu Weimeschkierch den 18.Abrëll 1946 am Alter vu 46 Joer gestuerwen.*

« Dëst war zimlech geféierlech wëll op deem Stéck wou mir gaange sinn, Minne fräi op der Strooss louchen. Gefouert goufe mir net. Duerno sinn d'Amerikaner ons mat Camione siche komm. Mam Zuch ass et dunn zréck op Lëtzebuerg gaang. Wéi mir zu Lëtzebuerg ukomm sinn,  wore mir midd a gutt hongereg. An der Gare si mir du mol eng gutt wäiss Schmier manke gaang » sou den André Boussong.

Duerno huet d'ganz Famill sech bei der Tata Gréidi am Pafendall getraff.  D'Mamm an déi zwee Bridder déi bei hier woren, wore schon éischter heem komm. Gefeelt an der Famill Boussong hunn zwee Jongen: de Mathias an den Nicolas. Kuerz nom Rapatriement ass dunn och nach de Papp un de Suiten vum Krich gestuerwen.

**Quellennowäis**

Zäitzeien: André Boussong an Triny Marson-Birden
Internet Siten:
http://www.histgeo.ac-aix-marseille.fr/webphp/carte.php?num_car=1057&lang=fr
http://www.secondeguerremondiale.publiclu/fr/, Wikipedia.
Le Livre d'Or de la Résistance luxemboureoise de 1940 – 1945 édité sous les Auspices de la L.P.P.D. par Nicolas Bosseler et Raymond Steichen (1952).
D'Erënnerung waakreg halen - Journée commémorative 2001
Entente des Sociétés Al gemeng Eech.
Fotoen : André Boussong, Roger Medernach.
Realisation : Roger Medernach. Mataarbecht :  Tilly an Änder Bausch-Lellig.

*Wann Dir eppes aus dëser schwéirer Zäit erziele wëllt, da mellt Iech w.e.g. beim Tilly Bausch, Tel.: 43 31 13.*

**All onse Respekt an ee grousse Merci geet un d'Madame Triny Marson-Birden an den Här André Boussong fir hier Temoignagen.**